**WÉI GESÄIT ÄRE PERSÉINLECHE BILAN VUN DËSER LEGISLATURPERIOD AUS?**
E moderne Staat brauch eng gutt Fonction publique. Duerfir hu mir de Gehälter-accord matgedroen. Weider hu mir probéiert, eis fir ee verantwortlecht Asetze vun de Steiersuen anzesetzen. Mir hunn zum Beispill bei der Superdreckskëscht oder bei Luxeosys fir Opklärung gesuergt.

**WAT SINN ÄR SCHWÉIERPUNKTE FIR DÉI NÄCHST 5 JOER?**
Eng Prioritéit wäert ganz sécher méi een aktive Konsumenteschutz sinn. An dësen Zäite brauchen d'Verbraucher politesche Réckewand. E weidere Schwéierpunkt wäert d'Digitaliséierung ginn. Do sinn déi nächst Joren entscheedend. Grad wat e gerechten Zougang zum Digitalen ugeet.



Diane ADEHM

---



Paul GALLES

**WÉI GESÄIT ÄRE PERSÉINLECHE BILAN VUN DËSER LEGISLATURPERIOD AUS?**
Ech hu probéiert, fir den Aarmutsrisiko an d'Ongläichheeten an eiser Gesellschaft mat enger Interpellatioun ze thematiséieren. Weider war et den Engagement fir eng gerecht a staark Klimapolitik. An eng weider Interpellatioun iwwert d'Zukunftschancë vun de Jonken.

**WAT SINN ÄR SCHWÉIERPUNKTE FIR DÉI NÄCHST 5 JOER?**
Eng systematesch Strategie fir Aarmutsbekämpfung. Weider Prioritéite sinn: Nohaltegkeet am Gläichgewiicht vu staarker Wirtschaft, gesondem Klima a fairer Sozialpolitik, eng Gemeinwohlökonomie fir Gesellschaft, Gemengen a Staat. An Ziilvirstellunge wéi null Aarmut, null $CO_2$, null Exklusioun.

---

**WÉI GESÄIT ÄRE PERSÉINLECHE BILAN VUN DËSER LEGISLATURPERIOD AUS?**
Ernüchternd. Grad am Logement, deen ech zanter Joren fir d'CSV mat begleeden. Nieft Kritik u Blo, Rout a Gréng hu mir ëmmer och inhaltlech Propose gemaach. Blo, Rout a Gréng hu sech an enger Ideologie vu Verbuet an Dirigismus verrannt. Dat ass Gëft fir eis Sozial Maartwirtschaft.

**WAT SINN ÄR SCHWÉIERPUNKTE FIR DÉI NÄCHST 5 JOER?**
Mir musse vun dësem Dirigismus fortkommen. Dëst Land brauch konsequent Reformen. Grad bei de Prozeduren. Mir brauchen eng Vereinfachung vun den Démarchen am Beräich vun eiser Weiderentwécklung. Dat gëllt fir eis Infrastrukturen a besonnesch am Wunnengsbau.



Marc LIES

**WÉI GESÄIT ÄRE PERSÉINLECHE BILAN VUN DËSER LEGISLATURPERIOD AUS?**
Ech hunn elo d'Chance, zanter Oktober Deputéiert ze sinn. Ech hu mech zanterhier besonnesch engagéiert, fir d'Erausfuederunge vu jonke Leit unzegoen. Besonnesch de Logement steet hei un éischter Stell. E weidert Engagement ass ee verantwortlechen an ëmsetzbare Klimaschutz.

**WAT SINN ÄR SCHWÉIERPUNKTE FIR DÉI NÄCHST 5 JOER?**
Natierlech weider d'Uleies vun de jonke Leit. Et gëllt d'Logementskris endlech unzepaken an Éischtkeefer verstäerkt ze ënnerstëtzen, besonnesch steierlech. Ma och d'Energietransitioun musse mer mat massiven Investissementer hikréien.


Elisabeth MARGUE

---


Laurent MOSAR

**WÉI GESÄIT ÄRE PERSÉINLECHE BILAN VUN DËSER LEGISLATURPERIOD AUS?**
Zesumme mat der CSV-Fraktioun hunn ech vill Propose gemaach fir eis ëffentlech Sécherheet an och fir eis kleng a mëttel Betriber ze stäerken. Och d'Dateschutz-Problematik louch mir um Häerz. Ganz besonnesch um Niveau vun de Police-Fichieren.

**WAT SINN ÄR SCHWÉIERPUNKTE FIR DÉI NÄCHST 5 JOER?**
Fir mech ass méi Sécherheet am ëffentleche Raum eng absolut Prioritéit. Donieft ass eng attraktiv Wirtschaft mat kompetitive klengen a mëttleren Entreprisen e weidere Schwéierpunkt. Well hei schaffen Dausende vun engagéierte Mataarbechter. Eis Finanzplaz wëlle mir doriwwer eraus zur Nummer 1 vun der Green Finance maachen. Weider Theme bleiwen den Engagement fir Rechtsstaatlechkeet an Dateschutz.

---

**WÉI GESÄIT ÄRE PERSÉINLECHE BILAN VUN DËSER LEGISLATURPERIOD AUS?**
Ech hu mech fir méi Wuelbefannen a Liewensqualitéit engagéiert. An onsen Dierfer a Stied a besonnesch fir ons Kanner. Dozou gehéiert een nach méi equilibréierte Mix un Infrastrukturen a Strukturen an onse Gemengen. An d'finanziell Ënnerstëtzung fir Dagesmammen an Elteren, déi hir Kanner doheem betreie wëllen.

**WAT SINN ÄR SCHWÉIERPUNKTE FIR DÉI NÄCHST 5 JOER?**
Ee bessert Wuelbefannen, eng besser Liewensqualitéit fir all ons Matbierger. An dozou gehéiert ëmmer méi och een neit Gläichgewiicht an der Work-Life-Balance. Well wann et onse Matbierger gutt geet, da geet et onsem Land gutt. An net ëmgedréint.


Serge WILMES

